N°2212
Entrée le 07.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2212 vum 11. Abrëll 2025 vun der Deputéierten Stéphanie Weydert**

- **Stëmmt et, datt d'Déierenasyler keng Déieren u Leit ab engem gewëssen Alter vermëttelen?**
- **Wa jo, vu wat fir engem Alter u kritt ee keen Déier méi aus dem Asyl?**
- **Wat sinn d'Grënn fir dës Reegelung?**
- **Gedenkt d'Madamm Ministesch, eppes un dëser Praxis ze änneren?**

D'Aufgab vun engem Déierenasyl besteet doranner, Déieren opzehuelen, déi ausgesat resp. vun hirem Besëtzer aus wéi engem Grond och ëmmer net méi kënne gehale ginn an duerno ze kucken, fir déi Déiere schnellstméiglech un een neie Besëtzer ze vermëttelen, deen sech am Interêt vum Bien-être animal ëm dat Déier këmmert. Fir dës Aufgab kënnen ze erfëllen, ënnerstëtzt de Landwirtschaftsministère d'Asyler mat enger finanzieller Hëllef.

D'Déierenasyler zu Lëtzebuerg gi vun, vum Staat onofhängegen, Déiereschutzassociatioune geréiert, déi och d'Reegele fir d'Vermëttlung vun den Déieren an hiren Asyler festleeën.

Déi Reegele ginn opgrond vun interne Krittäre vun den Associatioune festgeluecht a kënne jee no Asyl verschidde sinn. Den Alter vun de Leit ass ee Krittär, deen a villen Asyler berücksichtegt gëtt. Et gëtt keng gesetzlech resp. reglementaresch festgeschriwwen "Âge limite" fir zum Beispill en Hond ze halen. Op déi Reegele resp. op d'Vermëttlung vun den Déieren huet de Landwirtschaftsministère keen direkten Afloss.

Et ass awer wichteg, dass een Hond zu sengem Besëtzer passt. Duerfir sollen d'Leit, déi sech wëllen en Hond uschafen, sech am Déierenasyl berode loossen, wéi een Hond am Beschten passt an eventuell e puer Deeg probéieren, ob ee mam Hond eens gëtt, bevir den Hond definitiv adoptéiert gëtt.

Lëtzebuerg, den 7. Mee 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN